Question élargie n° 193
Reçue le 29.06.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

29/06/2023

**Här President,**

**Ech erlabe mir lech doriwwer ze informéieren, dass ech, conformément zum Artikel 82 vum Règlement de la Chambre des Députés, der Ministesch fir Finanzen eng mëndlech Fro wéillt stellen.**

Bis zum 1.12.2019 waren d'CBD Produite mat Téi gläichgesat an et gouf nëmmen eng 3% TVA op de Produit verrechent. No enger neier Interpretatioun vum Gesetz duerch eng Circulaire vun der Steierverwaltung koum et dunn awer zu enger drastescher Erhéijung bei der Taxatioun. Zu Lëtzebuerg ginn CBD-Produiten elo gläichgesat mat Zigaren an esou kommen op 17% TVA nach Accisen dobäi.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

• Ass et gerechtfäerdegt op CBD-Produiten (Bleien) d'"Tubak"-Stéier z'erhiewen? Ginn et wëssenschaftlech Analysen, déi esou eng Gläichsetzung rechtfärtegen?
• Kënnen di héisch Steieren op CBD-Produiten dozou féieren, dass d'Clienten sech méi a Richtung Schwaarzmaart orientéieren?
• En vue vun der partieller Legaliséierung vum Cannabis: Wäerten dës héisch Taxen net an den Aen vun der Ministesch dozou féieren, dass d'Produite vum Schwaarzmaart ze attraktiv par rapport zum legale Produit bléiwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten